N°1732
Entrée le 07.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.01.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wirtschaft weiderzeleeden.**

D'Italieenesch Regierung bestätegt, datt si a fortgeschrattene Verhandlunge mat SpaceX ass fir en 1,5 Milliarden Euro Kontrakt iwwer sécher Kommunikatiounsdéngschter. Dëst geschitt zu engem Zäitpunkt wou d'Europäesch Unioun mat hirem IRIS² Projet, deen ënnert anerem vum Lëtzebuerger Satellittebedreiwer SES als Deel vum SpaceRISE Konsortium ëmgesat gëtt, eng europäesch Alternativ entwéckelt.

Lëtzebuerg huet mat GovSat, enger Joint-Venture tëscht dem Lëtzebuerger Staat an SES, bewisen datt et d'Kompetenz huet fir sécher Satellittekommunikatioun unzebidden. Am Kader vum LuxEOSys Projet besteet och eng Zesummenaarbecht mat OHB Italia, wat weist datt d'Grondlage fir eng méi enk Zesummenaarbecht mat Italien am Weltraumberäich bestinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung iwwer d'Verhandlungen tëscht der italieenescher Regierung a SpaceX informéiert? Falls jo, gouf et dozou Gespréicher op EU-Niveau?
2. Huet d'Regierung Kontakt mat hiren italieenesche Géigepartner opgeholl fir eng méiglech Alternativ mat SES oder GovSat ze diskutéieren, besonnesch am Kontext vun der Roll vun SES am IRIS² Projet?
3. Wéi eng Mesuren hëlt d'Regierung fir sécherzestellen, datt europäesch Projeten wéi IRIS² net duerch bilateral Ofkommes mat ausser-europäesche Firmen ënnert Drock gesat ginn?
4. Gesäit d'Regierung d'Gefor, datt duerch esou Ofkommes d'Kompetitivitéit vun der europäescher Weltraumindustrie, an domat och déi vun der Lëtzebuerger Weltraumindustrie, geschwächt gëtt?
5. Wéi bewäert d'Regierung d'Méiglechkeet fir d'Zesummenaarbecht tëscht der Lëtzebuerger an der italieenescher Weltraumindustrie weider auszebauen, besonnesch am Kontext vun de besteeënde Projet'en a Kooperatiounen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten